



N°755  
Entrée le 17.05.2024  
Chambre des Députés  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Claude Wiseler  
Luxembourg, le 17.05.2024  
Chambre des Députés

Claude WISELER  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/05/2024

Här President,

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Energie weiderzeleeden.**

De Professor Phillip Dale huet zesumme mat *Science.lu* d'Fro analyséiert huet, ob Lëtzebuerg kéint säin Energiebedarf zu 100% selwer a klimaneutral hierstellen (<https://science.lu/de/science-check-energiewende-erneuerbare-energien/kann-luxemburg-seinen-energiebedarf-zu-100-klimaneutral-selbst-herstellen>). Laut dem Wëssenschaftler ass dat theoretesch méiglech.

2020 huet Lëtzebuerg 7,5% vu sengem Energieverbrauch duerch lokal produzéiert erneierbar Energië konnten decken. Aus der Äntwert vun der parlamentarescher Fro n°5500 ass ervirgaangen, datt 2022 nëmmen op 4% vun de Gebaier vun der Verwaltung fir öffentlech Baute PV-Anlagen waren.

An deem Zesammenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Prozent vun eisem Energieverbrauch deckt Lëtzebuerg momentan duerch Energieimporter?
2. Wéi vill Gemengen zu Lëtzebuerg sinn energieautark?  
Wéi eng Gemenge sinn dës?
3. Wéi vill Prozent vun hirem Energieverbrauch kënnen déi eenzel Gemengen mat allem wat un Energie an der jeeweileger Gemeng produzéiert gëtt, decken?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc  
Deputéierten

POLIDORI Ben  
Deputéierten



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)



**Réponse du Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, et du Ministre des Affaires intérieures, Léon Gloden, à la question parlementaire n°755 du 17 mai 2024 des honorables députés Marc Goergen et Ben Polidori au sujet de la production et de la consommation d'énergie des communes**

Lëtzebuerg war, den Zuele vum ILR no, am Joer 2023 zu 77,7% vun Energieimporter ofhängeg.<sup>1</sup>

D'Gemenge spillen eng wichteg Roll an der Energietransioun a kënnen zum Beispill, esou wéi verschiddener et haut scho maachen, Projete fir Wandenergie a Solarenergie op hirem Territoire ustoussen. De Potential an d'Ausgangslag si fir all Gemeng anescht, zum Beispill gëtt et bei verschiddene Gemengen tendenziell méi Potential fir Wandkraaft a Fotovoltaik.

D'Donnéeën aus dem Klimapakt<sup>2</sup> weisen, dass am Duerchschnëtt d'Gemengen de Wärmebedarf vun de kommunalen Infrastrukturen zu 25% iwwer erneierbar Energien ofdecken. Et ginn och Gemengen déi dat schonn zu 100% maachen.

National gesinn gëtt aktuell scho méi Stroum op Basis vun erneierbaren Energie produzéiert wéi d'Haushalter es insgesamt consomméieren. Consideréiert een de Stroumverbrauch vum professionnelle Secteur an der Industrie, da sinn 2023 ronn 26%<sup>1</sup> vum Stroumbedarf vun dese Secteuren national duerch erneierbar Energien produzéiert ginn.

Et ass wichteg, dass all Gemeng eng Energieplanung mécht, also zousätzlecht Potential identifizéiert a kuckt wéi vill Potential scho genotzt gëtt. Dës Approche gëtt am Kader vum Klimapakt mat Outilen wéi dem nationale Solarkadaster oder dem Wärmekadaster ënnerstëtzt.

Luxembourg, le 21/06/2024  
Le Ministre de l'Économie, des PME,  
de l'Énergie et du Tourisme  
(s.) Lex Delles

<sup>1</sup> <https://assets.ilr.lu/energie/Documents/ILRLU-1685561960-1222.pdf>

<sup>2</sup> Donnéeën vum Stroumnetzbedreier betreffend Stroumverbrauch a Stroumproduktioun